ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. November 2018

Här President,

esou ewéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Den OLAI (Office Luxembourgeois de l'acceuil et de l'intégration) ass eng Verwaltung, déi der Autoritéit vun der Madamm Corinne Cahen, der Madamm Minister fir Famill an Integratioun, ënnerläit. De CLAE (Comité de Liaison des Associations d'Etrangers) ass ee vum OLAI senge Partner am Beräich vun der Integratioun. Tëscht hinne besti Konventiounen, déi ënnert anerem a Form vu Projeten hir Ëmsetzung fannen. Esou hunn de CLAE an den OLAI sech op Projete gëeenegt, déi ënnert anerem "les expressions citoyennes", also d´Meenungsäusserunge vun de Bierger, fërdere sollen – ewéi een am *Rapport d'activité 2017* vum Ministère fir d'Famill, d'Integratioun an d'Groussregioun liese kann. Och um Internetsite vum CLAE beschreift dëse sech selwer als aktivistesch Plattform, déi als Verbindungspunkt d'Dynamik vun den Associatiounen ënnerstëtzt, andeems hie Raum fir Meenungsäusserunge vun de Bierger schaaft. Déiselwecht Organisatioun, déi reegelméisseg hir politesch Positioun kloerstellt, huet kierzlech an hirem *Mémorandum au Formateur du Gouvernement* Propose formuléiert a ganz däitlech Fuerderungen un déi nei Regierung an Deputéiertechamber gestallt. Dorënner fënnt een ënnert anerem déi dräi folgend:

(1) "Tout discours anxiogène, que ce soit concernant la langue ou la nationalité doivent être bannis des discours publics."

(2) „Les résultats du referendum de 2015 pour l'élargissement de la participation des étrangers dans la vie politique ont été suffisamment clairs. Néanmoins les résultats des récentes élections ne permettent pas d'établir une analyse univoque permettant de dire que toute tentative d'élargir la participation des citoyens d'origines étrangères dans la vie politique doit être écartée."

(3) "La pratique démocratique dans le pays n'a pas jusqu'ici donné satisfaction sur la parité hommes-femmes dans la représentation politique. Ainsi, avec 12 femmes élues, le Luxembourg confirme son statut de mauvais élève en matière d'égalité hommes-femmes. (…) Pourquoi ne pas ouvrir un séminaire sous l'égide du ministère

de l'Égalité des chances pour faire prendre conscience à la société qu'il y a là une grande anomalie, sachant que seule l'évolution des mentalités apportera un début de solution à cette carence."

Mat dësen Aussoe bréngt de CLAE net just seng Fuerderungen zum Ausdrock, mee och säin Demokratieverständnes a seng Astellung zur fräier Meenungsäusserung ginn hei däitlech.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Steet d´Regierung zur Meenungsfräiheet oder ass si der Opfaassung, datt d´Meenungsfräiheet nëmmen an ageschränkter Form existéieren duerf an och just bestëmmte Leit dovu solle profitéiere kënnen?
2) Wéi steet d´Regierung zum CLAE senger onmëssverständlecher Fuerderung (1), datt den Austausch iwwer méi sensibel a besuergneserreegend Sujeten, déi eventuell och Ängscht ervirruffe kënnen, net ëffentlech stattfannen duerf, wouduerch de Bierger vum Lëtzebuerger Land d´Meenungsfräiheet géing geholl ginn?
3) Deelt d´Regierung dem CLAE seng Opfaassung (2), datt elo no den Nationalwalen 2018 kee Grond méi besteet, dat eendeitegt Resultat vum Referendum vun 2015 iwwert d´Auslännerwalrecht weider ze respektéieren?
4) De CLAE fuerdert (3), datt dem Wieler seng Denkaart an eng ganz bestëmmte Richtung geännert gëtt, esou datt de Wieler méi Frae wiele soll.
   a) Deelt d´Regierung dem CLAE seng Usiicht, datt de Wielerwëllen duerch Erzéiung oder Ëmerzéiung vum Wieler an Zukunft esou gelenkt gi muss, datt hie méi Frae wielt?
   b) Ass d´Regierung der Meenung, datt esou propagandistesch Ëmerzéiungsmoossnamen ewéi de CLAE se proposéiert net just eng Profiléierung a Verstäerkung vun de Fraen an der Politik kéinten duerstellen, mee eben och eng Diskriminatioun vun de Männer an der Politik?
   c) Fënnt d´Regierung et net devaloriséierend fir d'Fraen, datt déi weiblech Kandidaten un éischter Plaz wéinst hirem Geschlecht solle gewielt ginn an net well hir Kompetenzen, hiert Engagement an hir politesch Iddien de Wieler iwwerzeege konnten?
   d) Hält d´Regierung de Lëtzebuerger Wieler fir net kapabel, selwer a sachlech ze entscheeden, ob e Kandidat – egal ob weiblech oder männlech – hie wierklech iwwerzeege konnt, well e fir déi politesch Iddie steet, déi dem Wieler wichteg sinn, esou ewéi déi néideg Kompetenzen a genuch Engagement matbréngt?

e) Hält d´Regierung et fir de richtege Wee, datt de Wieler a senger Denkaart muss dohin erzu ginn, weiblech Kandidaten, déi hien net esou richteg iwwerzeege konnten, schlussendlech just opgrond vun hirem Geschlecht ze wielen? Léiert de Wieler hei net un éischter Plaz emol d´Geschlecht als entscheedende Faktor ze gesinn, amplaz dem kandidéierendem Mënsch seng Kompetenzen, Iddien an Iwwerzeegungen? Fënnt d´Regierung net, datt dem Wieler esou e sexistescht Wielverhalen unerzu gëtt?

f) Gesäit d´Regierung de Wielerwëllen an dëser Virgoensweis nach fräi a respektéiert? Oder erkennt si eng Manipuléierung an e bewosst Lenke vum Wieler, andeems ee seng Denkaart dohin ännere wëll, datt hie méi weiblech Kandidate wiele soll, och wann hir Persoun, hiert Engagement an hir Iddien de Wieler vläicht net esou iwwerzeege konnten ewéi déi vun aneren, vu männleche Kandidaten?

g) Wéi ass der Regierung hir Positioun zum Begréff “Geschlecht”? Engersäits propagéiert si d’Gender-Theorie, déi behaapt, datt d’Geschlecht, onofhängeg vun der Biologie, just e “soziaalt Konstrukt” wier, anerersäits propagéiert si Fraequoten, anscheinend opgrond vu biologesche Kritären? Wéi definéiert d’Regierung also déi Begréffer “Fra” a “Mann”, a sinn déi Definitioune fir all hir politesch Aktivitéite verbindlech?

h) Ass der Regierung hiert Demokratieverständnes kompatibel mat deem vum CLAE? Wann nee, hält d´Regierung et fir ubruecht, des Organisatioun, déi op hirem Internetsite ugëtt, Konventioune mam Ministère fir d´Famill an d´Integratioun ze hunn (https://www.clae.lu/clae/), weider ze ënnerstëtzen an domat och hiert Verständnes vu Meenungsfräiheet an Demokratie?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten